# Land a Leit

## D'Lëtzebuerger emigréieren an Amerika

*Liest a lauschtert den Text.* **17**

Hautdesdaags ass Lëtzebuerg en Immigratiounsland. De „solde migratoire“, dat heescht d'Zuel vun de Leit, déi op Lëtzebuerg kommen, minus d'Zuel vun de Leit, déi fortginn, war am Joer 2016 ongeféier 10.000.

Zu Lëtzebuerg ze liewen huet haut vill Virdeeler. Mee dat war net ëmmer esou.

Am 19. Joerhonnert war Lëtzebuerg en aarmt Land. Et huet haaptsächlech vun der Landwirtschaft gelieft. E puer Joer mat schlechte Recolten hunn de Leit grouss Problemer gemaach. Dofir war Lëtzebuerg déi Zäit virun allem en Auswanderungsland. Engersäits gouf et eng Auswanderung an dat not Ausland, déi deelweis och just saisonal war, zum Beispill fir bei Recolten oder op grousse Chantieren ze schaffen. Anerersäits gouf et d'Emigratioun an Amerika, virun allem an d'Vereenegt Staaten, mee och a Südamerika.

Mat grousse Schëffer si si op deen anere Kontinent gefuer; verschidde Schëffslinne waren drop spezialiséiert, Migranten aus Europa matzehuelen.

Vill Migranten aus Lëtzebuerg hu sech am Oste vun den USA (Illinois, Ohio …) ugesidelt. Et fënnt een haut nach Leit do mat typesch Lëtzebuerger Familljennimm wéi Hastert, Cigrand, Lauterbur … Et gëtt och eng Partie bekannt Amerikaner, déi aus Lëtzebuerg stamen, zum Beispill de Paul Lauterbur, deen 2003 den Nobelpräis an der Medezin krut, de Science-Fiction-Auteur Hugo Gernsback (gebuer Gernsbacher) oder de Fotograf Edward Steichen.


Heiansdo hu ganz Familljen oder Dierfer hir Heemecht verlooss a sech och zesummen op der neier Plaz installéiert, soudatt deelweis hir Bräich an Traditiounen erhale bliwwe sinn an déi Lëtzebuerger Identitéit verschidden amerikanesch Dierfer staark gepräägt huet. Dat gëllt virun allem fir de Mëttlere Westen, wou nach bis zum 1. Weltkrich ëmmer nei Migranten an d'Kolonië komm sinn. Sou ass och d'Sprooch zum Deel erhale bliwwen. Haut schwätzen déi Jonk awer kaum nach Lëtzebuergesch, mee Traditioune wéi den Hämmelsmarsch an d'Schueberfouer gëtt et nach op verschiddene Plazen.




Luxemburg, USA (2007), e Film vum Christopher Wagner produzéiert vun Nowhere Land Productions, a Ko-produktioun mam CNA.








Am Ufank vum 19. Joerhonnert sinn och vill Leit a Brasilien ausgewandert.

1828 huet awer den deemolege Keeser vu Brasilien, den Dom Pedro den Éischten, decidéiert, datt keng europäesch Immigrante méi dierften a Brasilie kommen. Zu där Zäit war e Grupp vun ongeféier 100 Lëtzebuerger ënnerwee fir dohin. Si haten zu Lëtzebuerg alles verkaaft, fir a Brasilien en neit Liewen unzefänken, mee wéi si zu Bremen d'Schëff wollten huelen, ass dat net méi gaangen. Si hunn erëm missen zeréck op Lëtzebuerg kommen an hate guer näischt méi.

Déi Lëtzebuerger Regierung huet hinnen awer zum Deel gehollef a si kruten eng Plaz, wou si sech konnten néierloossen. Sou ass op der Grenz vun de Gemenge Groussbus, Wal an Heischent en neit Duerf entstanen, dat deemools, 1828, Neibrasilie geheescht huet. Haut heescht et Gréiwels a gehéiert zu der Gemeng Wal.

De Guy Helminger, e Lëtzebuerger Schrëftsteller, huet den däitschsproochege Roman *Neubrasilien* geschriwwen, deen d'Geschicht vun Immigranten op Lëtzebuerg an Emigranten, déi schlussendlech an Neibrasilie gelieft hunn, erzielt a matenee verknëppt.



Siidlung *Luxemburgo* a Brasilien








Cartographie: Ferraris, Joseph-Johann-Franz (1726-1814) - comte

